Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen N°2 Vendredi, 30 septembre 2016

AGENDA

Mardi, 4.10.	19h00 - réunion parents des classes de 7MO, 8MO, 9MO, 9PR et 9PO
Mercredi, 5.10.	14h30 - conseils de classe 7es
Jeudi, 6.10.	rencontre DOC @ EPF
Vendredi, 7.10.	rencontre DOC @ EPF
Mardi, 11.10.	19h00 - réunion parents 7es
Mercredi, 12.10.	14h30 - conseils de classe 8e, 6e et 5e
Vendredi, 14.10.	15h00 - préparation We 7es 19h00 - fête du mérite

SUBSIDES POSTPRIMAIRES

("Giel Ziedelen")

Dir kënnt de gielen Formulaire bei d'Mme MARTINS an de Büro B244 sichen goen oder an der Porte. De Formulaire musst dir bis spéitstens den **3.Oktober** erëm ofginn. Dës Demande muss all Joer nei gemaach ginn. Wann eng Schülerin nach eng (oder méi) Schwëster(en) am Gebai huet, muss fir jidder Kand ee Formulaire ausgefëllt ginn.

7es Rally

D'Schülerinnen aus der 7ST3 hunn de 7es Rally gewonnen.

CANTINE

Dir musst äre Menü virun 8 Auer reservéieren. Wann der dat net maacht, kënn der just eng Zopp deen Dag kréien.

Dir musst mat ärer Kaart bezuelen, och an der 10-Auer-Paus!

OPGEPASST

THEATER - DANZEN

Fir all déi Schüllerinnen, déi d'**lescht Joër** an den Theateratelieren ageschriwwen waren an déi Schülerinnen déi am Danzen ageschriwwen sinn (**déi vum leschten Joër an déi nei**): är Coursen fänken ab dem 3. Oktober un.

An der Entrée vun der Sportshal hänken Lëschten wou der gesitt a wéiengem Atelier der ageschriwwen sitt an och wéini an um wéivill Auer déi verschidden Atelieren stattfannen.

Wann ee Probleem ass, dann mellt Iech sou séier wéi méiglech beim Här Liviero (virum 3. Oktober)!

HE'S BACK



Dee neien Harry Potter ass do

op Däitsch an op Englesch

am CDI

Den 4. Oktober um 9 Auer 25 ass den éischten Evakuationsexercice

DES JEUNES ET DES BÉNÉVOLES VONT SE RASSEMBLER AFIN DE CRÉER UN PROTOTYPE D'APPLICATION MOBILE POUR MIEUX INFORMER LE PUBLIC SUR L'ÉGALITÉ FEMMES-HOMMES.

POUR MENER À BIEN CE CHALLENGE, LES ÉQUIPES SERONT ENCADRÉES ET GUIDÉES PAR DES EXPERTS EN DESIGN, DIGITAL ET ÉGALITÉ FEMMES-HOMMES.

AU RYTHME ACTUEL, IL FAUDRA ENCORE 70 ANS POUR COMBLER LES ÉCARTS DE SALAIRES ENTRE LES HOMMES ET LES FEMMES (ÉTUDE ORGANISATION INTERNATIONALE DU TRAVAIL, WWW.OIT.ORG).

DONNE TON AVIS ET TES IDÉES POUR AIDER À FAIRE BOUGER LES CHOSES !

N'HÉSITE PAS, INSCRIS-TOI
ET PARLES-EN À TES AMIS !
SAMEDI 15 OCTOBRE 2016 À 9H30
À BASE 1 AU FORUM GEESSEKNÄPPCHEN

INSCRIS-TOI ! designapp.lu

Women Digital Luxembourg en collaboration avec snj

Fotoen

Ab nächster Woch ginn d'Fotoen verkaf.

Déi ganz Poschett kascht **12€**.

Et kënnt een an är Klass mat de Fotoen, dir braucht also **NET** froen ze goën!

Är Klassefoto kritt der an d'Case geluecht a kascht **2€**.

Actuellement le Centre national d'Information pour Jeunes fait un sondage concernant le SLAM! Par ce sondage le CIJ aimerait connaître l'avis des lecteurs et lectrices du SLAM! afin d'adapter les futures éditions. La participation se fait par ce lien :

surveymonkey.com/r/slamlux

MAACH MAT!!!!

- Du bass op enger **ieweschter Klass** ?
- Du wëlls mat aneren zesummen e passionanten an och exigente Projet realiséieren a liewen ?
- Du wëlls d'Freed an d'Erfëllung erliewen, déi duerch d'Verantwortungsgefill an dem Animatiounsgeescht entstinn ?

Komm – kuck – a pak mat un!

Maach mat beim **Grupp vun de Monitricen**, déi de **7es Weekend viru Chrëschtdag** organiséieren !

Mir brauchen däin Dynamismus, deng gutt Laun, deng Initiativen, deng Kreativitéit !

De **Virbereedungs-Weekend** ass Freides, den 14. Oktober (15h15) bis Samschdes, den 15. Oktober (12h).

Schreif dech am Sekretariat an **bis den 10. Oktober**!

Fir all weider Informatiounen a Renseignementer :

Raphaël Weickmans (raphael.weickmans@epf.lu)

CAFETERIA

Et ass net méiglech är Kaart während der 10-Auer-Paus an der Cafeteria opzelueden!!

Sëtzplazen an der Cafeteria an der 10-Auer-Paus an an der 5. an 6. Stonn sinn fir déi iewescht Klassen (12es&13es an 2es&1es) reservéiert!

FIT 4 THE FUTURE